N°4587
Entrée le 06.08.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 06.08.2026
Chambre des Députés

LSAP

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 5. August 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau weiderzeleeden.

Am Kader vun den aktuellen Hëtztwellen an der laanger Dréchent gëtt dëst Joer mat engem méi fréien Ufank vun der Drauwelies gerechent. Am Kader vun den Diskussiounen iwwert de Gesetzesprojet n°8658, hat d'LSAP-Fraktioun d'Iddi vun enger Online-Plattform fir fräiwëlleg Liesbenevollen an d'Diskussioun bruecht. D'Madamm Ministesch hat deemools erkläert, Si géif dës Iddi mat de Wënzer a Wënzerinnen thematiséieren.

An deem Kontext géinge mir der Madamm Ministesch follgend Froe stellen:

– Wéi eng Réckmeldungen huet d'Madamm Ministesch an der Tëschenzäit vum Secteur zu déser Iddi kritt?
– Wéi géing dofir gesuergt ginn, datt d'Benevollen déi néideg Aféierung an d'Aarbecht kréien?
– Wéi sinn d'Benevolle wärend hirem Asaz an de Wéngerten verséchert, notamment am Fall vun engem Accident oder enger Verletzung?
– Ass d'Madamm Ministesch der Meenung, datt aktuell genuch gemaach gëtt, fir d'Leit ze encouragéieren fräiwëlleg bei der Drauwelies eng Hand mat unzepaken?
– Gedenkt d'Regierung, d'Schafe vun enger Online-Plattform fir Benevoller ze ënnerstëtzen?

Mat déiwem Respekt

Claire Delcourt
Députéiert

Ben Streff
Députéierten

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau, vun der Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet a vum Aarbechtsminister op d'parlamentaresch Fro n°4587 vum 5. August 2026 vun den éierewäerten Deputéierten Claire Delcourt a Ben Streff**

1. **Wéi eng Réckmeldungen huet d'Madamm Ministesch an der Tëschenzäit vum Secteur zu dëser Iddi kritt?**

Zënter dem leschte Joer entwéckelt d'Agence du Bénévolat zesumme mat Veräiner, Stëftungen an aneren Organisatiounen de Projet Corporate Volunteering. An dësem Kader huet dëst Joer de Projet „Corporate Volunteering op der Musel" ugefaangen. Dëse Projet gëtt iwwer de LEADER Miselerland ënnerstëtzt fir de Benevolat am Wäibausecteur ze fërderen. De Projet, soll et Mataarbechterinnen a Mataarbechter erlaben, mat der Zoustëmmung vun hirem Patron, benevole Missiounen ze iwwerhuelen, ënner anerem bei der Drauwelies.

Wat d'Iddi vun enger Online-Plattform ugeet, besteet mat „Trouvez votre mission" op www.benevolat.lu schonn zënter 2022 eng Plattform, déi Organisatiounen a Strukturen, déi Benevoller sichen, mat interesséierte Persounen a Kontakt bréngt. Dës Plattform kéint deemno och genotzt ginn, fir fräiwëlleg Persounen fir d'Drauwelies ze mobiliséieren.

**2. Wéi géing dofir gesuergt ginn, datt d'Benevollen déi néideg Aféierung an d'Aarbecht kréien?**

D'Organisatioun vun der Aarbecht ass vun Wënzer zu Wënzer ënnerschiddlech. All Betrib huet seng eege Methode fir d'Drauwelies duerchzeféieren an d'Aarbecht ze organiséieren.
Et ass deemno d'Verantwortung vum Betribschef oder vum Wënzer, de Benevollen virum Ufank vun hirem Asaz eng adequat Aféierung ze ginn. Dobäi soll besonnesch op d'Handhabung vum Material, d'Organisatioun vun den Aarbechtsofleef an op all relevant Aspekter vun der Aarbechtssécherheet agaange ginn.

**3. Wéi sinn d'Benevolle wärend hirem Asaz an de Wéngerten verséchert, notamment am Fall vun engem Accident oder enger Verletzung?**

Am landwirtschaftleche Secteur besteet eng spezifesch Onfallversécherung, déi all landwirtschaftlech Aktivitéiten (Landwirtschaft, Wäibau, Uebstbau, Gaardebau) vum Betrib ofdeckt. Dëst betrëfft och Persounen, déi punktuell oder geleeëntlech um Betrib aktiv sinn, wéi zum Beispill Saisonaarbechter, Noperen oder Benevollen, déi bei der Drauwelies hëllefen.
Fir Hobbywënzer recommandéiert den Institut Viti-Vinicole, eng Demande fir eng fräiwëlleg landwirtschaftlech Onfallversécherung beim CCSS anzereechen. Dës Méiglechkeet besteet fir Exploitatiounen ab enger Fläch vun 10 Ar Wéngert.

Fir méi kleng Exploitatiounen, déi ënner dëser Schwell leien, besteet d'Méiglechkeet, eng privat Accidentversécherung bei enger privater Versécherungsgesellschaft ofzeschléissen.

**4. Ass d'Madamm Ministesch der Meenung, datt aktuell genuch gemaach gëtt, fir d'Leit ze encouragéieren, fräiwëlleg bei der Drauwelies eng Hand mat unzepaken?**

D'Regierung huet schonn eng Rei Mesuren op d'Been gestallt, fir d'Betriber bei der Sich no Aarbechtskräften ze ënnerstëtzen.
D'ADEM bitt schonns haut eng geziilt Ënnerstëtzung fir d'Rekrutéierung vu Persoune fir d'Drauwelies un. Op Ufro vun engem Wënzer kann en individuellen „Jobday" direkt um Betrib organiséiert ginn. D'ADEM iwwerhëlt dobäi eng Virselektioun vun de Kandidaten, fir sécherzestellen, datt nëmme Persoune mat engem passende Profil dem Betrib virgestallt ginn. Dës Approche erlaabt eng effizient Vermëttlung.

Nieft der spezialiséierter Ënnerstëtzung duerch d'ADEM besteet och d'Méiglechkeet, Persounen am Statut vum Demandeur de protection internationale (DPI) am Kader vun de gesetzleche Bestëmmungen anzestellen.

Doriwwer eraus profitéiert d'Drauwelies traditionell vun engem staarke lokalen Engagement, wou Familljen, Frënn a Bekannter de Wënzer bei dëser wichteger Aarbecht ënnerstëtzen.

D'Regierung bléift awer oppen fir nei Initiativen, déi d'Attraktivitéit vun dëser saisonaler Aktivitéit kënne stäerken an d'Rekrutéierung vu passenden Helferinnen an Helfer vereinfachen.

**5. Gedenkt d'Regierung, d'Schafe vun enger Online-Plattform fir Benevoller ze ënnerstëtzen?**

D'Regierung steet innovativen digitale Léisungen am Beräich vum Développement rural am Prinzip positiv géintiwwer.
Allerdéngs gëtt et schonn esou eng Plattform. Dat ass d'Agence du Bénévolat, déi viru 25 Joer an Zesummenaarbecht mam Familljeministère an d'Liewe geruff ginn ass. D'Plattform benevolat.lu mécht de Lien tëschent engagéierte Leit an Organisatiounen a Betriber, déi Benevolle sichen. D'Agence du Bénévolat ass och amgaang, de Beräich vum sougenannte Corporate Volunteering auszebauen. An dësem Kader kënnen Entreprisen hire Mataarbechter d'Méiglechkeet bidden, enger benevoller Aktivitéit nozegoen, op punktueller oder reegelméisseger Basis. Den IVV steet am Kontakt mat der Agence an ass amgaang, eng Partie Froen ze klären, notamment rechtlecher Natur, fir eng méi enk Zesummenaarbecht op d'Been ze setzen. Ze klären ass och nach déi genee praktesch Ëmsetzung an d'Fro, wien déi administrativ Koordinatioun iwwerhëlt. Weiderhi muss garantéiert sinn, dass dës Initiativen ausschliesslech genotzt gi fir geleeëntlech, fräiwëlleg Hëllef unzehuelen a net dorop ausgeluecht sinn, regulär Aarbechtskräften ze ersetzen.

Lëtzebuerg, den 11. September 2026

(s.) Martine HANSEN

Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau